***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fuere mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2022 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2022/2023.**

## D'Scouts-Joer 2022/2023 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Offiziel huet daat neit Scoutsjoer sein Ufank geholl mam **LGS Kongres,** Samsdes de 24.09.2022. Op Ettelbréck an d'Daischhalen hat de Verband dest Joer invitéiert fir seng alljährlech Generalversammlung ofzehalen. Mat viirgeschalteten Atelier'en ass dobei probéiert gin, dess éischters dresche Versammlung, fir d'Cheffen méih ergiebeg ze maachen.
- Fir eis zu Duelem, hat daat neit Scoutsjoer schon deen Daag (24/09/2022) moies mam **Schnupperdaag** ugefang. Nom bewährte Schema vun enger Versammlung mat Spill, Spaass a Kaffisstuff hu mir eis Diren opgemacht, fir nei Kanner fir déi jéngst Branchen ze gewannen. An daat haat dest Joer grousse Succès, well eis Biber a Wellef haten duerno, fir déi nei Saison esou vill Memberen wéi nach seelen.
- An duerfir ass et dann Nomettes schon direkt weidergang mat der **1ter Montée** fir d'Saison vun de **Biber an d'Wellef**.
- Den **LGS-Chefdag 2022** war du Sonndes, de 25. September 2022, an der Däichhal zu Ettelbréck. Trotz verschiddene gudden Iddien an Info'en, ass och dest Joer dess Manifestatioun vun de meeschte vun eise Leit déi dobei waren, als ze laang empfond ginn.
- Fir Sondes den 9ten Oktober 2022 hat eis Gemeng d'Vereiner invitéiert, sech bei de Feierlechkeeten zum **nationalen Commémoratiounsdag** anzebréngen. Mat eisem Fändel an eise Farwen ware mir nees eng vun de gréissten Delegatiounen bei der wichteger Manifestatioun.
- Fir **d'Montée vun de Wellef bei d'Avex** haten sech d'Cheffen eng gréisser Aktioun afalen gelooss. Esou si si, Samsdegs den 22. Oktober 2022 mat ville Guiden a Scouten op **Braneburg** gereest, fir do an den hierschtleche Ruinen vun der mettelalterlecher Burg, e spannende Parcours ze erliewen op deem déi nei Avex mussten all hire Mumm zesummenhuelen. Mais de Biller no ze urdeelen, haten sie e schéinen Daag an all Mensch war zefridden.
- Fir Sondes den 13. November 2022 war am Scoutshome zu Duelem emol eppes Anescht lass. Well mir, wéinst eise beschränkte Méiglechkeeten hei zu Duelem, keng grouss Manifestatioun fir de Verand kënnen iwerhuelen, hu mir eis uginn, fir **d'Hierscht-Gruppechefsrencontre vum Verband** bei eis auszeriichten. Daat ass eng Manifestatioun mat begrenzter Teilnehmerzuel, déi mir packen, a mat där mir dem Verband dann och nëtzlech kenne sinn.

- Ab Donnegdes dem 24ten November 2022 huet am Home nees no Dännen gericht. Iwer 100 Adventskranzrohlinge waren ukomm, an esou goufen ab deem Owend an enger 1.Schicht 1.**Adventskränz** no de Wënsch vun eise Client'en färdeg gemacht. Traditiounsgeméiss huet dess 1. Adventskranzschicht mat Glühwein, Kéisplateau a Stollen musse beschloss gin.
- Samsdes de 26. November 2022 war du grouss **Adventskranzfinale** am Home. Mat ville groussen a klengen Hänn sinn all eis Kränz gerëscht a fäerdeg gemacht gin, fir datt se konnten fir den 1ten Advent an den Haiser liichten an op d'Kreschtdagszeit astëmmen. Flott war, dass mir nees genuch Memberen haten, déi gehollef hun, déi bestallte Kränz op déi richteg Adressen ze liwweren. An esou war no Metteg alles ausgeliwwert, an den Home schon nees geraumt. An eis Kees war duerch eng schéin Recette als Loun fir eis Arbecht, gefëllt ginn.
- Schon den nächsten Daag goung et weider. Bei der **porte ouverte beim Buttek Mosaik zu Fëlschdref** hu mir zanter Joeren schon eng fest Plaatz iwerholt. Esou stongen och dest Joer den Alexandre, de Carlo, d'Deborah, d'José an d'Shirin bereet, fir mat dem Verkaaf vu selwergemachten Käsespätzle eise Beitrag zum Geléngen vun der grousser GemeinschaftsBA beizedroen. Méih richteg kann een d'Adventszeit bal nett ufänken.
- Samsdes den **3ten Dezember 2022** war eng gewëssen Nervostéit bei eise **Biber** an hirer Versammlung ze bemierken. Et war héige Besuch ugekënnegt. **De Kléschen mat direkt 2 Housécker** a ville Ruten wollt emol bei den Duelemer Biber nofroen kommen, wéi et mam Behuelen bei de Kanner esou wier. Et muss alles am grénge Bereich gewiecht sinn, sie hun all eng Tiitche kritt.
- Vum **10. Op den 11. Dezember 2022**, hu sech eis **Biber** RV zu Mondorf ginn. Am Chalet vun de Munneref Mais, haten sie sech aquartéiert, fir e **Kreschtcamp WE** ze erliewen. Zu Munneref war en heemlechen Kreschtmaart mat ville Luuchten a Buuden, an deen konnte sie gudd an hire Programm abbauen, an zu Fouss erreechen.
- Freides owends de 16. Dezember waren eis **Albatrossen** mol nees um Dill. Mat enger klenger Delegatioun si si op **Metz op de Kreschtmaart** gefuer deen mat wonnerschéinen Luuchtinstallatiounen ze begeeschteren wousst.
- Den nächsten Dag ware mir mat enger ziemlech grousser Delegatioun zu Perl beim Schengenlycée bei **der Friddensliichtverdeelungsfeier** dobei fir um Enn vu villen Atelieren an Aktivitéiten d'Flaam vu Betlehem fir eis ze kréien an se mat op Duelem ze bréngen.
- E puer Deeg duerno, **Dënschdeg den 20. Dezember 2022,** hu sech eng Reih Albatrossen RV gin, fir zu **Duelem an der Kiirch d'Krëppchen opzeriichten**. E puer vun eisen treien Albatrossen hun dëss Krëppchen virun 28 Joer mat eisem gudde Jang gebaut. An esou ass et eis en Häerzensuleies, dëse sichtbaren Nidderschlag vun der Essenz vun der Kreschtdagsgeschicht, fir d'Kanner an d'Leit aus eiser Paar, all Joers nei zur Wirkung ze bréngen.
- An scho war et **helleg Owend**. Ab 14:00 Auer hu mir eis am Home getraff, fir d'**Friddensliicht** bei Leit heem ze bréngen, déi duerfir op sinn. Et ass daat all Joers e warmt a bereichernd Erliefness, well vill Leit schon zanter Deeg op eis Kanner warden, fir mat dem Moment vun Opmierksamkeet, der Kärz, e puer Kichelcher an

engem klengen schreftlechen Kreschtdagsgrouss vun eisem Grupp, dee Liichtstrahl vun Hoffnung gewisen ze kréien, deen aus der Krëpp vu Betlehem kënnt, an deen déi eenzeg Hoffnung fir eis Mënschen ass. Traditionel setze mir déi 1. Kärz zu Syren um Graf vun eisem verstuerwenen Frënd dem Sébastien Machtelinckx of, fir och esou mat him verbonnen ze bleiwen.

- Während 3 Equippen d'Friddensliicht an eisen Diefer verschenkt hun,war de Carlo mat 4 Wëllef an der Duelemer Kiirch amgang, e Schiedspill viirzebereeden, daat owends an der Metten sollt opgeféiert gin.
- **D'Familljemetten** em 18:00 Auer gouf du ganz vun eis Scouten animéiert mat Gesang, Schiedspill a Fürbitten. Beim Ofgang hu mir nach all Mënsch e klengt bemoltent Glas mat enger Kärz mam Friddensliicht geschenkt, fir all Leit gudde Wëllens iwert dem Jesus sein Hoffnungsliicht ze verbannen.
- A schlieslech hate mir eis nees ageriicht, fir no der Metten, um Parvis vun der Duelemer Kiirch, Glühwein, e Kannerpunsch an e Stéck Kuch ze offeréieren, fir esou nach ee Moment an der schéiner Kreschtdagsstëmmung vu Schenken a Beschenktgin zesummenzebleiwen. Eréischt duerno si mir och, mat vill Freed am Härz heemgefuer fir mat eise Familljen ze feieren.
- Am neie Joer, hun d'Albatrossen nees un déi al Iddie vum **Wantergrillen** ugeknäppt. Esou hu sie sech fir Freides dem **20te Januer 2023** owends beim Lagerfeier RV ginn, fir dëss Iddie emzesetzen. Et gouf e richtege Wantergrilling, mat vill Schnéi a Wantereffekt. 13 romantesch veranlagte Séilen hu sech hei vun nett ofschrecke gelooss an hu beim Lagerfeier e ganz speziellen, awer flotten Owend erlieft.
- Dënschdes de **24. Januar** hate mir nees all eis Memberen, Frënn an eis Gemengenresponsabel invitéiert, fir mat eiser **Generalversammlung 2023** och no baussen fir déi néideg Transparenz ze suergen.
- Samsdes de **4te Februar 2023** war et an a, an em eisen Home nett ganz geheier. Et si lauter verkleedte Gecken ronderemgelaaf, hu gedanzt an gesongen. Et war **Fuesparty bei eise Biber**, an do war et net fir muuschteg an engem Eck ze setzen.
- 3 Woche méih spéit, de **25te Februar 2023**, waren eis **Biber** nees mat méih enger sériöser Iddie ennerwee. Sie hun sech zu Déiferdéng am **Science Center** RV gin, firm at ville prakteschen Aktivitéiten hautno ze erliewen, wéi spannend Wëssenschaft ka sinn.
- An dunn huet haaptsächlech nach een Datum all eis Gedanken a Kräften ugezunn. **Sondes de 5te März 2023** géife mir eis **30 Joer Bestoen** vollenden. Op den Daag waren et dunn exact 30 Joer hier, datt mir, nach ënnert dem Jean Langehegermann senger Uweisung, déi éischt Guiden a Scoutsversammlung zu Duelem duerchgezunn haten. Fir daat ze feieren hate mir keng Ustrengung a keng Käschten geschéit. Ugefang huet daat Ganzt, mat engem Kortège vun der Gemeng an d'Kiirch, wou mir, ennert der tatkräfteger Mathëllef vun der Duelemer Musek, eng erbaulesch Danksagungsmass gefeiert hun, déi vun eisem Frënd a Grënner dem Fränz Müller kozelebréiert gouf. Anschliessend goung et, mat alle Leit déi matkommen wollten, an d'Gemeng, wou mir den Eierewein zerwéiert kruten, a wou de Buergermeeschter, de Commissaire général vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten an eise Gruppecheff de Steve eng Usprooch zu dësem fir eis wichtegen

Daag gehalen hun. Duerno gounge mir, mat eisen Memberen an Eieregäscht an den Centre, wou mir zu 116 Leit eis un engem exzellente Menu régaléiert hun. Erviirzestreichen bleift, datt am Verlaaf vun deem gemütlechen Zesummesinn am Centre, eist Lidd (Duelemer Scouten si mir all) an enger vum Ben nei arrangéierter Versioun viirgestallt konnt ginn. Ausserdem ass eist José , fir seng 30 Joer Non-Stop Dingscht als Wëllefcherschefftaine an domat als dingschteelsten Cheff vun eisem Grupp, mam selwerne Verbandsoofzeechen ausgezeechent ginn. Daat war och nees eng Première an eiser Gruppegeschicht. Mat enger Retrospektive a ville flotte Gespréicher goung owends desen denkwürdegen Daag op en Enn.

- Donnegdes den 09.04.2023, op Gréngendonnegdeg, war et, no enger Coronabedingter Zwangspaus vun 3 Joer endlech nees Zeit, fir eng konsequent Viirbereedungssessioun op d'Ouschterfest. Eng nei Editioun vun der bekannter **Montée vers Pâcques** war fälleg. Esou sinn haaptsächlech 3 daaper Avex-Meedercher no der Gréngendonnegdegfeier zu Duelem, mat duerch d'Nuecht op Trenténg gewandert, wou mir eis zu 6 Scouten an der Klauskapelle iwer Trenténg ageriicht hun. No enger intensiver Veillée zum Thema Ouschteren, hu mir och gleich an der Kapelle geschloof. Daat war och nees en neit, a spéziellt Erliefness. No Spiel des Lebens, Kraizwee, Karfreidegliturgie a Lagerfeier, gouf et eng Nuechtswuecht beim Monumentalfilm die 10 Gebote, wou baal jidfereen emol kuerz agehang hat. Karsamsdeg hu mir nach Kierper a Séil mat Beichtoffer, Waldlauf a Piscine op d'Feier vun der Ouschternuet viirbereed. Nodeems mir nach d'Ouschternuetsfeier ugefaang an e puer Lektorendéngschter an der Mass iwerhollt haten, konnte mir, midd awer zefridden, heemgoen fir d'Ouschterfest ze feieren. Iegerlech un deser Aktioun war fir eis, datt e Papp vun engem vun eisen Avex,Toleranz als Einbahnstross verstan huet. Mat senger atheistescher Grondastellung a vun déiwem Haass op d'Kiirch gedriwwen huet de Papp am Viraus beim Verband protestéiert géint eis Montée vers Pâcques, mam Argument, dess Aktivitéit, déi mat engem Badge belount gouf , géif aner Kanner ausschléissen, déi aus Gewëssensgrënn nett un esou enger weltanschaulech geprägter Aktivitéit kéinten deelhuelen. D'Reaktioun vum Verband war ganz armséileg. Amplatz emol mat eis ze schwätzen , an sech selwer e Bild ze maachen, hu sie eis, iwert een eigentlech Onbedeelegten, nolé'en gelooss, op déi Aktioun ze verzichten, waat mir evidenter Weis nett gemacht hun. De Witz bei der Reaktioun war jhust, datt de Verband, via seng EAS, bei der Friddensliichtfeier zu Perl am Dezember 2022,bei der d'Liicht vu Betlehem(¨!) verschenckt gouf, wéi sou oft viirdrun, och e Badge ausginn haat, deen un d'Partzipatioun un der Feier gekoppelt war an deen och nëmmen déi Scouten kruten, déi do derbei waren.
- Fir Samsdes den 29ten Abrëll 2023 hat eis Gemeng nees d'Vereiner opgeruff, fir **d'Grousbotz 2023**. Well Naturschuz jo en Deel vun der ScoutsDNA ass, ware mir deem Appel gefollegt a sinn, mat engem vun de gréissten Kontingenten, dem Knascht op de Pelz geréckt. Duerno ware mir allerdéngs dann och eng vun de groussen Delegatiounen, fir deem vun der Gemeng offeréierten Gegrills op de Pelz ze récken.
- Well mir Ëmständehalber 2023 keng Partizipatioun um Pélé des jeunes zu Ufank vun der Oktav op d'Been gestallt kruten, hu mir daat Joer op en **Pélé des**

**Albatrosses et Amicale** invitéiert. Sou hu mir eis Samsdes owends de **6te Mee** RV am Centre ginn, fir do de Fréijoerskonzert vun eiser Musek ze genéissen. Duerno si mir an den Home gang, fir mat enger gudder Raclette an enger anschliessender Veillée, Kierper a Geescht op de Pilgergang an d'Stadt anzestëmmen. Nom Départ em 1:30 si mir eise klassesche Wee vun +- 21 km gang a waren zur Zeit an der Katherdral fir em 8:00 Auer d' Mass fir de St.Georgsuerden matzefeieren. No gemeinsamem Kaffidrénken huet sech eis klenge Grupp nees heem gemacht.

- A schon huet déi nächst grouss Aktivitéit vum Grupp all Gedanken a Wierken a Beschlag gehollt. Eis **2023er Editioun vun der Guiden a Scoutskirmes** stoung beviir. Dënschdes de 16te Mee owends goung et lass. Vill fleisseg, grouss a kleng Hänn waren do, an hun matugepaakt, an éih et daischter gouf, stoungen schon d'Zelter an déi wichtegst Infrastrukturen op der Wiss. Wéi et bis daischter waar, hu sech eng gudd Dosend Cheffen an Helfer am ënneschten Zelt um Dësch afonnt, fir déi antëschend **11. international Scoutssummerraclette vun den Albatrossen** ze genéissen. Den nächsten Daag, Mettwochs, gouf nach vill geschafft a viirbereed, an pénktlech fir 18:00 war eis Kirmes 2023 op. Ab 20:00 Auer gouf et zu eise Spezialitéiten vu Grill a Comptoir, Live Musek mat **Saxobeat and Tubamen**. Donnegdes den 18te Mee ass et moies um 10:45 mat der **Kirmesmass** zu Christihimmelfahrt lass gang, déi mir Scouten animéiert hun. Anschliessend an zum Apéro huet d'Jugendmusek Harmonie Gemeng Mamer eis e flotte Konzert gespillt. Dobei hate mir all Hänn voll ze dinn, fir déi vill hongreg Gäescht zefridden ze stellen. Nom Mettegiessen goung et wéi gewinnt weider mat ab 13:30 Volleyball-Special Turnéier, an ab 14:00 de Spiller an Animatioun fir d'Kanner. E ganze laangen Nometteg war Hully-Gully op der Wiss. Wéi et Owend gouf, an d'Leit lues a lues heemgoungen, hu mir nees Alles mobiliséiert, waat u Scouten op der Wiss war, an hun ugefaang ofzeriichten. A wéi frouh ware mir, wéi mir um 22:00 Auer all déi grouss Zelter an daat meescht Material schon nees agepaakt haten.
- Esou war eis Aufgab fir Freides den 19te Mee maitrisabel de Räscht anzepaken a fortzebréngen. A fir Metteg konnte mir dann, mat de Räschter un Iessen an Drénken, gemittlech Metteg maachen vun deem gudde Gefill begléckt, zesummen nees eng wonnerbar Leeschtung fäerdeg bruecht ze hun am Interessie vun eiser gemeinsamer Iddie. Owends hu mir eis zu 20 Frënn am Kraeltgen un en Desch gesaat, fir zesummen daat gudd Gefill vun *„we did it, and we did the right thing „* ze genéissen.
- Direkt den 1te Samsdeg no der Scoutskirmes, den **20te Mee 2023**, haten eis **Biber** nees eng extra Aktioun ugeleiert. Zesummen sinn sie op Welfréng bei de **Beiemann** de Sacha Georges gang. Do konnte si all Detail vun der Hunegproduktioun gesinn an d' Wichtegkeet vun de Beien fir d'Natur hautno erliewen. An sie konnten selwer mat upaken, fir gudden Naturhunneg ze sammelen.
- Sondes de 4te Juni war zu Réimech eng gebündelt **Herrlaichendagsprozessioun** fir eis Par viirgesinn. Do hate mir eis Partizipatioun versprach. Wéi et driwwer hier goung waren awer nemmen ganz wéineg Scouten do, et war Paischtvakanz an ech selwer hat mech och verpeilt a verplangt. Sou si mir mat enger klenger

Delegatioun matgang an e puer vun eise Klengen konnten dee schéine Brauch kenneléieren, virum Sakrament an der Prozessioun Blummen op de Wee ze stré'en.

- Direkt den nächste Samsdeg, den **10te Juni 2023** waren eis Biber schon nees zu Réimech am Asatz. De Réimecher Grupp hat de **Bibertreff** ausgeriicht, an esou waren eis klengste Scouten och do um Dill. Bei bäschtem Wieder hu si mat villen aneren Bibergruppen e flotten Daag an der Natur verbruecht.
- Fir Donnegdes den 22. Juni hat eis Gemeng op d'Feierlechkeeten fir **Nationalfeierdaag** geruff, déi mat engem **Te Deum** an der Kiirch ugoungen. Mat eisem Fändel ware mir nees eng vun de stärksten Vereinsdelegatiounen. Och bei dem uschléissende Volleksfest bei der Gemeng ware mir du keng Spillverdierwer an hun dess flott Invitatioun dankbar ugehollt.
- Am Kontext vun eisem 30. Gebuertsdag, dee mir e ganzt Joer mat extra Aktivitéiten wellen erausstreichen, hu mir eis och eng **Kollektiv BA** viirgehollt. All Branche soll probéieren mat eegenen Aktivitéiten Suen ze sammelen, mat deene mir e gemeinnützege Projet wellen ennerstëtzen. Als Bénéficiaire vun eise Suen, hate mir gemeinsam décidéiert datt déi Suen der nächster RARO Odysée sollen zoukommen. Bei esou enger Odysée ginn, an arme Länner, konkret Hëllefsprojeten organiséiert, fir deenen hir Réalisation sur place dann Letzebuerger Guiden a Scouten am RaRo-Alter, op eege Käschten, dohin reesen a meescht a Schaffcamp'en de Projet emsetzen. Fir déi nächst Odyssée 2025 steet de Carlo Glod aus eisem Grupp scho bereet fir a Georgien konkret matunzepaken. Nodeems Biber a Wëllef mat hiren Aktiounen (Ouschteree'er resp. Fueskichelcher-Verkaaf) schon bal 1.200 € zesummenbruecht haten, war et elo un den **Avex**, déi hiren Beitrag leeschte wollten.
- Duerfir hate si fir Sondes den 2. Juli op eng **Marche gourmande à la Scouten** invitéiert. Op engem flotte Wee duerch d'Natur ronderem Duelem, hate sie op 5 Etappen e variéierte Menu viirbereed, deen mat villen Kichentricken aus dem Scoutsliewen gespickt war. D'Wieder huet matgespillt, an esou hun eng 20 Equippen d'Invitatioun ugehollt, si vu Statioun zu Statioun gewandert an hu sech un typesche Scoutsspezialitéiten regaléiert. Um Enn war eise BA-Compteur em e stattleche Betrag méih héich.
- De selwechten Daag, Sondes den 2. Juli, haten eis Wëllef nach en anere RV. Dese Sondeg waren sie, zesumme mat villen aneren Truppen aus dem Land, um **Wëllefchersrallye zu Esch um Gaalgebierg** ennerwee. Sie hunn do lauter flott Spiller dobausse gemaach an eng Visitt am Déierepark huet natierlech och net dierfe feelen. Sie haten en immens flotten Dag a wollten der ganzer Ekipp Merci soe fir déi top Organisatioun.
- Denschdegs de 4te Juli 2023 hate mir dun de **läschte Grupperot** vum laafende Scoutsjoer. Nieft läschten Décisiounen betreffend d'Summercampen déi just beviir stungen, an éischten Aktivitéiten no der Summervakanz, hu mir dunn nach eisem gudde Frënd a Gruppechef, dem **Steve sein 50te Gebuertsdag** gefeiert. Daat si Momenter, déi méih sinn wéi e blousse Geste, et si Momenter „ *en famille*" déi esou heemlech sinn, an déi aus eisem Zesummengehéieregkeetsgefill erwussen, an déi eis Léift fireneen ëmmer nees verdéiwen.

- An du war Zeit fir d'Summercamp'en, dem Héichpunkt vun all Scoutsjoer. Als 1. sinn **d'Wëllef** vum 7. Op den 9. Juli op Colmarbierg gefuer, fir sech do am Chalet Hirsch anzenisten. Ennert dem Thema: „ **ech kann daat**" hu sie, bei décker Summerhetzt, e flotte Camp mat vill verschiddenen Aktivitéiten erlieft.
- Als nächst sinn eis **Biber** ausgeschwärmt fir zu Iechternah an engem flotte FNEL-Chalet am Besch hire Camp „**mam Simba zu Iechternach** „ ze erliewen. Vum 14. bis de 17te Juli, also während 4 Deeg an 3 Nuechten hu sie mam König der Löwen e ganz intensive Camp mat verschiddensten Aktivitéiten, wéi zB Filmowend, Bastelaktioun, Schatzsuche, Wanderung un de Séi ,Pedalofueren, a Lagerfeierkachen erlieft. Gudd midd, ganz frouh a liicht knaschteg vum Feierkachen, kruten d'Elteren hir Kanner du Méindes am Nometteg nees zeréck.
- De selwechten Daag, wéi d'Biber ofgeschloss hun, ass fir **d'Avex** d'Summeraventure ugang. Teschend dem 17. An dem 23. Juli 2023 hu sech zu Ettelbréck bei den Daichwisen eng 500 Avex an eng 300 Cheffen RV gin, fir den **nationalen Avexcamp TERRAVIVA 2023**. De Camp stoung ganz ënnert dem Thema vun de 4 Elementer, Feier, Äerd, Waasser a Loft, an huet sech un engem ganzheetleche Konzept vun engem nohaltege Liewen bei de Guiden a Scouten orientéiert. Och hei haten d'Organisateuren ganz déif an d'Scoutstrickkëscht gegraff fir de Kanner a Jugendlechen e flott Gemeinschaftserliefness ze offeréieren vun deem sie nach laang wäerten erzielen. E Besucherdaag huet dobei och den interesséierten Elteren d'Méiglechkeet ginn, eng Kéier authentesch Scoutcampambience ze erliewen. Flott a wichteg fir eise Grupp war hei, datt eng Reih vun eise gudde Carapio, sech als Cheffen abruecht hun, fir eis Avex ze flankéieren a selwer 1. Erfahrungen ze sammelen, fir d'Charge vum Avexcheff an der sie, zu eiser grousser Freed, ab Hierscht géifen eise Grupp verstärken.
- A schlieslech war och d'Zeit komm fir den absoluten Highlight an enger Scoutscarrière, dem **World Scout Jamboree (WSJ)** dem Weltscoutstreffen. Esou een Jamboree fënnt all 4 Joer an engem anere Land, an emmer op verschiddene Kontinenter statt. Guiden a Scouten am Carapioalter aus méih wéi 150 Länner sinn do derbei. Jamboree bedeit Spaß, Abenteuer, nei Kulturen, internationalen Austausch a vill nei Frendschaften op der ganzer Welt. Den Zweck vun engem Jamboree ass, Guiden a Scouten aus aller Welt zesummenzebréngen fir duerch daat Kenneléieren, Fridden a géigensaitegt Versteesdemech fir verschidde Kulturen ze förderen. Esou war fir de Summer 2023 de 25ten
World Scout Jamboree a SüdKorea organiséiert gin. Vom 01. bis zum 12 August. August 2023 waren duerfir bis zu 50.000 Guiden a Scouten ënnert dem Motto „Draw Your Dream" zu Saemangeum/ Korea zesummen. Dorënner waren och 5 Carapio mat dem Carlo Glod vun den Duelemer Scouten. Et sollt eng besonesch Aventure gin, an et gouf eng. Hun an den éischten Deeg immens Hetzt de Scouten beim Erliewen vum Campprogramm zougesaat, du koum op eemol ongeplangtene Schwonk an daat Ganzt. En Taifun huet sech ugekënnegt an deen sollt ennert Ëmstänn d'Gebidd vun deem riesegen Zeltlager treffen. Du huet de koreanesche Staat agegraff. Mat 900 Bussen gouf de Camp evaquéiert an d'Jugendlech a Secherheet bruecht. A während heiheem, RTL an d'Medien monter Panik geséit hun, soutzen eis Duelemer Scouten monter an engem riesegen Formatiounszenter

vu Samsung an hun den onerwaartene Komfort genoss. Eng Partie Ausfligg, e.a. un d'Grenz zu Nordkorea, hun den Jamboree nach bereichert, éih d'Schlussfeier am zentrale Stadion zu Seoul dess onvergiesslecht Evenement zu Enn bruecht huet.

- Als läschten Akt vum Scoutsjoer 2022/2023 hu sech dun och nach eis Albatrosse/Amicale-Equipe op de Wee gemacht, fir de **Rosch-Manuel** nach eng weider Etappe méih no op **Santiago de Compostella** ze bréngen. Vun Dënschdes dem 8ten bis Donnegdeg de 16. August 2023 waren nees 5 Pilger, enkadréiert vun eisem gudde Monique ënnerwee, fir teschend Colunga an San Miguel de Carnero a Galizien, nees weider 143 km um Camino a Richtung Westen ze maachen. No insgesamt 2.050 km déi mir zanter 2012 vun heiheem aus gemacht hun, bleiwen elo nach 250 km fir déi nächst 2 Joer wou mir dann am Summer 2025 beim Apostelgraf zu Santiago wëllen ukommen.
- Elo waar , kurz virun der Rentrée, définitiv de Rideau gefall fir d'Scouts-Saison 2022/2023.
- No em déi 120 normale Versammlung mat de Kanner a Jugendlechen aus de 5 aktive Branchen, no e puer Bar des anciens bei den Albatrossen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an de 35 Wochen baussen de Vakanzen, déi eng Saison ausmaachen, war elo nach e wéineg Zeit, Hiem a Foullard ze lëften, an e wéineg Distanz ze gewannen, fir d'Batterien fir eng nei Saison nees opzelueden.